Pressecommuniqué – Fusioun vu Bauschelt a vun der Stauséigemeng

D'Zukunft zesumme gestalten
am Häerz vun der Lëtzebuerger Waasserregioun

D'Gemengeréit vu Bauschelt a vun der Stauséigemeng hunn mat enger Majoritéit hir **Absicht erkläert, ze fusionéieren**, an decidéiert, d'Walberechtegt de **27. Juni 2027** am Kader vun engem Referendum iwwer de Projet ofstëmmen ze loossen. Zil ass eng gemeinsam Gemeng, fir **biergerno Servicer** ze sécheren, Investitioune besser openeen ofzestëmmen an d'Identitéit vun den Dierfer ze erhalen. Wat d'Fläch ugeet, wier si déi **drëttgréisst Gemeng am Land**.

Am Häerz vun der **Lëtzebuerger Waasserregioun** bilden déi zwou Gemenge schonn haut e gemeinsame ländleche Liewensraum. D'Mënschen an hiren Dierfer, d'Landwirtschaft, de kulturelle Patrimoine an e liewegt Veräinsliewe ginn him seng Identitéit. D'Kulturlandschaft, déi iwwer Generatioune gewuess ass, souwéi d'Natur- a Waasserressourcen droe wesentlech zur Liewensqualitéit bäi. Gläichzäiteg iwwerhuelen d'Gemenge mat hirem Bäitrag zum **Schutz vun den Drénkwaasserressourcë Verantwortung fir dat ganzt Land**. Nieft dëse Gemeinsamkeete bitt och déi **vergläichbar a solid finanziell Situatioun** vu béide Gemengen eng gutt Grondlag fir d'Fusioun an déi zukünfteg Entwécklung.

D'Fusioun soll **konkret Virdeeler** fir d'Awunnerinnen an d'Awunner bréngen: verléisslech Gemengeservicer, openeen ofgestëmmten Offere fir Kanner a Familljen, lieweg Duerfzentren a Perspektive fir Wunnen, Mobilitéit, Kultur a Sport. Mat der Fusioun wëllen d'Gemengen **hiert Personal, hir fachlech Kompetenzen an hir finanziell Méiglechkeete bëndelen**, fir gemeinsam Aufgaben a regional Projete verléisslech weiderzeentwéckelen. Scho lafend Projete solle sënnvoll matenee verbonnen an duerch nei Initiativen ergänzt ginn.

Fir d'politesch Vertriedung an der **éischter Mandatsperiod** ass e **Gemengerot mat zwielef Membere** virgesinn, mat **jee sechs** aus deenen zwou aktuelle Gemengen. De Schäfferot soll insgesamt **véier Persounen** zielen, de Buergermeeschter abegraff, mat jee zwee Vertrieder aus all Gemeng. En direkte Wiessel op de **Proporzsystem** ass net virgesinn. Déi entspriechend Reegelunge sollen am **Fusiounsgesetz** festgehale ginn.

De **Sëtz vun der Gemengeverwaltung** soll am **Gemengenhaus zu Béiwen** ageriicht ginn, dat 2025 ageweit gouf. Den techneschen Déngscht soll am neie **Gemengenatelier** ënnerbruecht ginn, deen um Gebitt vun der aktueller Gemeng Bauschelt soll gebaut ginn a mat Bedeelegung vum Personal geplangt gëtt. Och d'**Virbereedung op Krise** soll zesumme gestäerkt ginn. Dofir solle gëeegent ëffentlech Gebaier esou equipéiert ginn, datt si am Krisefall als Ulafplaze fir d'Bevëlkerung déngen a Leit provisoresch ophuele kënnen – am Aklang mat der nationaler Resilienzstrategie.

Zënter dem Hierscht 2025 gëtt de Projet duerch déi gemeinsam Aarbecht vun de gewielte Vertriederinnen a Vertrieder, Gespréicher mam Personal, ëffentlech Versammlungen, **Biergeratelieren an eng Online-Ëmfro** virbereet. D'**Erwaardungen an d'Uleies**, déi dobäi formuléiert goufen, fléissen an déi weider Ausaarbechtung an. Den Austausch mat der **onofhängeger Fusiounszell** (Cellule indépendante fusions communales) erlaabt et och, d'Erfarunge vun anere fusionéierte Gemengen ze notzen. Dësen Dialog gëtt weidergeféiert.

Den Inneminister Léon Gloden begleet de Fusiounsprozess an huet eng Ënnerstëtzung vun **op d'mannst 10,5 Milliounen Euro** an Aussiicht gestallt. Dës Ënnerstëtzung soll am Fusiounsgesetz ofgeséchert ginn, zesumme mam Berechnungsmodus an de Modalitéite fir d'Ausbezuelung. Op Virschlag vum Inneminister wëllen d'Gemenge sech op **véier Pilotprojete** konzentréieren. D'Ofstëmmung iwwer hir Ausgestaltung an eng zousätzlech regional Förderung gëtt mat den **zoustännege Ministère** weidergeféiert. Bestoend Förderméiglechkeeten a regional Fördervirdeeler sollen och no der Fusioun erhale bleiwen.

Op dëser Ënnerstëtzung opbauend striewen d'Gemengen eng **gemeinsam Konventioun** mat all den zoustännege Ministèren un. Si soll **d'Aufgaben, d'Finanzéierung an d'Ëmsetzung** vun de regionale Leetprojete verbindlech reegelen an déi national Verantwortung vun der Waasserregioun mat konkrete Perspektive fir d'Entwécklung vun der zukünfteger Gemeng verbannen. Mat **ronn 4.000 Awunnerinnen an Awunner** wier si am Naturpark Uewersauer déi Gemeng um Stauséi mat de meeschten Awunner.

Am Sënn vum nationale Leetprogramm fir d'Landesplanung (**PDAT**) wëllen d'Gemengen de Waasserschutz, d'Landwirtschaft, lieweg Dierfer an de kulturelle Patrimoine mat enger nohalteger wirtschaftlecher Entwécklung verbannen. Déi territorial Visioun « **Wiltz et alentours** » an déi ergänzend Etüd « **Eis Waasserregioun** » konkretiséieren dës Perspektiv fir d'Regioun. Déi national Strategie fir d'Upassung un de Klimawandel an déi **europäesch Strategie fir Waasserresilienz** ergänzen dëse Kader.

Dëst ass d'Grondlag fir dat **landesplanereschte Konzept** vun engem « **CDA Waasser** » (Centre de développement et d'attraction mam Schwéierpunkt Waasser), dat d'Gemengen ustriewen. Déi zukünfteg Fusiounsgemeng wëll en Entwécklungs- an Unzéiungspol opbauen, deen duerch eng geziilt Lenkung vun de Besicherstréim de **Stauséi entlaascht** an hir Verantwortung fir d'**Resilienz vun der Lëtzebuerger Drénkwaasserversuergung** mat regionale Entwécklungschancë verbënnt – ergänzend zur nationaler Entwécklungsfunktioun vun der Nordstad. Bei engem gemeinsame Gespréich de 26. November 2026 am Laf vum Virmëtteg huet de Minister Claude Meisch dësen Usaz als eng Chance fir d'**Stäerkung vun der regionaler Identitéit** begréisst an eng fachlech Ënnerstëtzung bei der weiderer konzeptueller Ausaarbechtung an Aussiicht gestallt. Dobäi gouf och d'Méiglechkeet vun enger vertraglech gereegelter Zesummenaarbecht ënner Abannung vu regionale Partner (besonnesch dem Naturpark Uewersauer) ugeschwat.

Als gemeinsame Leetprojet soll de geplangte **Waasserkompetenz- an Erliefneszentrum** op dem eenzegaartegen Natur- a Kulturierwe vun der Waasserregioun souwéi op hirem Wëssen an hire laangjäerege Partnerschaften opbauen. E soll **Fuerschung an Innovatioun mat Bildung an Erliewen** verbannen an nei **Beschäftegungsperspektiven** op der Plaz schafen. Esou kéint en europäesche Virzeigeprojet fir Lëtzebuerg entstoen, deen d'Besonneschkeete vun der Regioun siichtbar mécht an et anere Waasserregiounen erlaabt, vun hiren Erfarungen ze profitéieren.

Domat gräifen d'Gemengen zentral Ziler vum **Koalitiounsaccord 2023–2028** op: fräiwëlleg Fusioune mat der Bedeelegung vun der Bevëlkerung, regional Zesummenaarbecht an eng laangfristeg geséchert Drénkwaasserversuergung. Zesumme mat der Regierung wëlle si op lokalem Niveau zum Leetgedanke « **Lëtzebuerg fir d'Zukunft stäerken** » bäidroen.

Déi fir **Mäerz 2027** virgesinn **Informatiounsbroschür** soll déi geplangte Verännerungen, déi gemeinsam Projeten an hir Finanzéierung verständlech duerstellen an de Walberechtegten eng fundéiert Grondlag fir hir Entscheedung bidden. Virum Referendum soll och eng gemeinsam **ëffentlech Versammlung mam Inneminister** stattfannen.

Déi zwee Schäfferéit soen de Gemengeréit, dem Personal an alle Biergerinnen a Bierger Merci fir hir Bedeelegung bis elo. De weidere Prozess soll **oppen an am Dialog** verlafen.

De 27. Juni 2027 stëmmen d'Walberechtegt a béide Gemengen iwwer déi geplangte Fusioun of. Nëmme wann d'Fusioun an deenen zwou Gemenge méi wéi 50 % vun de Stëmme kritt, gëtt duerno an de Gemengeréit iwwert d'Fusioun gestëmmt.

D'Schäfferéit vun de Gemenge Bauschelt a Stauséigemeng